

## Discours – Gary Diderich

Léiw engagéiert Mënschen

Et gi Leit hei am Raum déi kënnen an d'Zukunft kucken.

Sie konnten gesi, datt eng Konzentratioun vun Kapital iwert d'Joeren wäert dozou féieren datt emmer méi grouss Multinationalen wäerten Monopolstellungen kréien an dass emmer méi Arbechtsplazen rationaliséiert a gestrach wäerten ginn.

Sie hu gesi kommen, dass emmer manner Leit emmer mei Suen fir sech wäerten usammelen.

Virun 20 Joer, wéi déi Leit déi Lénk gegrennt hunn, hunn 226 Milliardären esouvill Suen op sech konzentréiert wéi 50 % vum Recht vun der Bevölkerung. An als Beweis vun eise Wahrsager Fäegkeeten muss een leider feststellen datt et haut just nach 26 sinn déi schon fir sech alleng esouvill hunn wéi déi Ärmsten Halschent vun der Weltbevölkerung.

A mäer kënnen eng Wett ofschléissen, dass an 20 Joer d'Ongerechtegkeeten zu Lëtzebuerg & an der Welt nach weider verstärkt gi sinn wann mäer esou weidermaachen wéi déi läscht Jorzéngten. Wat an där Zäit nach méi spierbar aanescht wäert ginn sinn d'Klima- an Umweltbedingungen un deenen déi 50 % am meeschten wäerten leiden an just déi 1 % Ultraräicher sech matt hiiren Mëttelen an hiirer multinationaler Mobilitéit wäerten esoulaang wéi méiglech ofzeschiermen wëssen bis et och fir sie wäert enk ginn.

Mee et muss net esouwäit kommen an schon 1999 hu mäer als déi Lénk an eisem Grondsazprogramm d'Alternativ duergeluegt :

« L'initiative veut que le bien collectif de notre société soit géré démocratiquement pour créer ainsi une production socialement juste et respectueuse de l'écologie. »

Datt sozial Gerechtegkeet an Ökologie müssen Hand an Hand goen an et net einfach een onsiichtbaren fräien Maart ass deen de Leit an der Äerd wäerten d'Gudd Liewen bréngen wossten mäer schon deemols a grouse Linnen an hunn d'läscht Joer konkret a realistesch am aktuellen Kontext opgewissen wat een elo an direkt kann maachen fir op der Héisch ze sinn vun den politeschen Herausforderungen vun haut.

De Bilan ze maachen zu engem ronne Gebuertsdag ass awer och de Moment fir sech Zeréckzebesënnen an sech ze froen wat mäer erreescht hunn, wat mäer net erreescht hunn an firwat ? Si mäer déi alternativ Bewegung déi konsequent op der Strooss an an den Institutiounen fir de Credo vun den Sozialbewegungen zwëscht 99 an 2002, Another World is possible, stinn ? Hu mäer et fäerdeg bruescht d'Unitéit an der Diversitéit op der Lénker matt Kraaft an der politescher Debatt zu Lëtzebuerg anzebréngen ? Wéi giff deen Debat haut ausgesin ouni eis ? A wéi kinnt eis Gesellschaft ausgesin falls eis Iwerzeegungen den Ausdrock vun Majoritéiten gi wäeren ?

Mäer sinn eis op allefall bis haut trei bliwen wéi den David et schon duergestallt huet an mäer hunn keng Méi gescheit fir eise Projet fir Lëtzebuerg bis op d'Grundlagen vun eisem Staat de denken. Eisen alternativen Verfassungsprojet beschreiw d'Prinzipien an d'Rechter déi et fir Mënsch an Natur brauch fir dass Lëtzebuerg fortschrëttlech an zukunftsfaheg kann d'Herausforderungen vun haut ugoen. D'Verfassungsreform déi vun den etabléierten Parteien gedroen gëtt wäer mol net virun 20 Joer « à la hauteur » gewierscht !

Sie wëllen net déi Verännerungen déi et brauch, well sie si gelähmt vun hiirer Angscht Muescht an Afloss ze verléieren, elektorale Calcul an Realpolitik stinn allzeoft bei deenen aneren Parteien iwert den Iwerzeegungen an der Vernunft.

Dat féiert dozou datt et just déi Lénk sinn déi sech un d'Waarmt Eisen vun der Steiergerechtegkeet eruntrauen an entretemps een Wort-Editorialist quasi een Appell un eis mëscht fir weider aktiv dofir anzetrieden datt Lëtzebuerg ophält ze bremsen wann et drem geet déi dubiéist Steiervermeidungspraktiken op een Enn ze brengen. D'Europäesch Staaten sinn drop ugewissen datt Konzern grad esou hiir Steieren bezuelen wéi den normalen Handwierksbetriib an Ultraräicher méi amplatz manner Steieren bezuelen wéi all normalen Lounofhängegen. Als Lëtzebuerg wëllen mäer

bekannt fir eis Kreativitéit, eis Talenter, eis Kompetenzen an eis Aarbescht sinn déi zum sozialen an ökologeschen Embau vun deser Gesellschaft beidroen an net fir Nischen déi mäer den Steiertrickser bidden.

D'Konzentratioun vun vill Patrimoine op wéineg Besëtzer wéi mäer et zënter Joeren uprangeren ass dann och elo am Logement schwaarz op wäiss duerch d'rezent LISER Etude bewissen. An der Stad, wou den meeschten Terrain disponibel ass, sinn et 11 Familljen an weider 11 Privatentreprisen déi am Besëtz vun 63 % vun den verfügbaren Bauterrain'en sinn. An matt den FIS'en begënschtegt DP-LSAP-déi Gréng esou eng Konzentratioun vun Terrain'en an doriwereraus och Wunnéngen net nemmen hei am Land mee a ganz Europa !

Bei esou himmelschreiender Ongerechtegkeet an enger Welt wou ëmmer méi Leit sech frecht schaffen fir awer finalement näischt ze hunn a wou et ganzer 28 Kricher aktuell ginn an zënter 1993 34.000 Mënschen op der Flucht virun deenen Kricher an dem Klimawandel hiirt Liewen hunn missten loossen ass et kee Wonner datt d'Vetrauen an d'Politik op een Déiwstand fällt. Déi grouss Parteien sinn um Enn an stabil Majoritéiten sinn ëmmer méi schwiireg, nei Bewegungen wéi d'Gilets Jaunes entstinn.

Et kinnt een mengen, déi nei Regiierung hätt verstan dass sech eppes misst änneren, matt sozialen Mesuren wéi 100€ méi am Mindestloun an dem gratis öffentlechen Transport soll et och den working poor « gudd goen » !? All déijeeng déi wëssen wat et heescht sech mam Mindestloun zu Lëtzebuerg duerchzeschloen, déi wëssen wéi déi déck Patron'en hiiren Salar'i'en all Minut probéieren ze klauen, Iwerstonnen net bezuelen, Coup'en zur Regel maachen an den Wee zur Aarbescht fir déi meescht eng Qual ass, wëssen genee datt déi sougenannten sozial Kiischt um Kuch, wou déi eng sech kënnen zesummendrécken an déi aaner kënnen fir deier Suen eng gemittlech Plaz kréien net dat ass wat déi Lénk schon virun 20 Joer an hiirem Grondsazprogramm gefuerdert huet. Den gratis öffentlechen Transport haten mäer nämlech net am Kapitel Soziales oder am Kapitel Umwelt stoen, fir eis wuar dat vun Ufank un eng Measure zum Ausbau an zur Verbesserung vum Service public.

D'Gratuitéit ass fir eis keng sozial Bonbon déi de Leit soll d'Iwerliewen erméiglechen mee ass enner aanerem beim Transport a beim Waasser Ausdrock vun enger lénker Politik déi jidderengem soll erméiglechen d'gudd Liewen ze genéissen am Respekt vun den natiirlech Ressourcen.

« L'air du temps est à l'austérité, au sacrifice, au grand repli sur soi, au retour de la xénophobie, à la recherche d'un nouveau pouvoir fort, à la montée des passions tristes. La gratuité campe du côté des passions joyeuses et donc d'un « plus à jouir » collectif. On peut, en effet, reprocher tout ce qu'on veut au capitalisme destructeur mais il faut bien reconnaître que cette société de consommation nous fait majoritairement jouir. Il existe de la jouissance à consommer toujours plus, même si on peut légitimement juger que cette jouissance est une mauvaise jouissance car fondée sur l'accumulation et le pouvoir. Nous ne dépasserons cependant cette forme de jouissance que si nous sommes capables de lui opposer une autre jouissance, encore plus jouissive, la jouissance d'être et non plus d'avoir. »

Zitat vum Paul Aries

Den Paul Aries bezitt sech op den Gilles Deleuze fir deen nëmmen den désir revolutionnär ass.

An et brauch een just ze kucken wéieng Energie ensteet wann de Leit hiir Wënsch an hiirt Verlaangen méi grouss gëtt wéi hiir Angscht --- wann se streiken, wéi d'läscht Joer am Pflegesektor oder e Freiden an de Lycée'en, wann d'Angscht der Erlichterung an dem Erliewen vun der eegener Muescht Plaz mëscht. Et sinn déi Bewegungen deenen mäer emmer zur Säit stinn a vun deenen mäer emmer erem kënnen léieren.

Erneieren an léieren ass och dat wat mäer 2017 an 2018 verstärkt gemaach hunn, nach nie haaten mäer esouvill nei Kandidaten a Kandidatinnen um Start an esouvill Leit déi den Wahlkampf zëssammen gefouert hunn an sech op Formatiounen wéi zum Beispill op eiser nei agefouerter Summer-Uni

zesummen engagéiert hunn. An fir dass mäer eis an 20 Joer net nëmmen trei bliwen sinn mee och bewierkt hunn datt d'Majoritéiten zu Lëtzebuerg eng sozial gerecht a konsequent ökologesch Politik ennerstëtzen gëllt et matt Loscht weider Leit verstärkt anzebannen, net wéi wann se schon emmer dobäi wäeren an missten wëssen wéi et leeft mee wéi wann mäer et zesummen emmer erem nei erliewen wéi 15 Schüler déi der 15.000 op d'Strooss brengen.